N°745
Entrée le 13.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul op d'parlamentaresch Fro n°745 vum 16. Mee 2024 vun der honorabeler Deputéierter Claire Delcourt**

Ech reagéieren op der honorabeler Deputéierter hir Froe mat dëse Prezisiounen.

An de Bachelorprogrammer en Sciences infirmières spécialisées vun der Universitéit Lëtzebuerg sinn insgesamt 41 Studente fir d'Joer 2023/2024 ageschriwwen, dovunner 7 am Bachelor ATM de Chirurgie, 12 am Bachelor Infirmier en anesthésie et réanimation, 12 am Bachelor Infirmier en pédiatrie an 10 am Bachelor Infirmier psychiatrique.

D'Haaptgrënn fir Kandidaturen ze refuséieren, sinn d'Qualitéit vun den Admissiounsdossieren an d'Tatsaach, dass eng Rei Kandidate d'Sproochekrittären net erfëllen. Den Informatioune vun der Universitéit Lëtzebuerg no, sinn all Dossiere vu Kandidaten, déi d'Conditions d'admission erfëllt hunn, ugeholl ginn, och wann domat de Quota vun disponible Plaze fir dee jeeweilege Programm depasséiert gouf.

Den Ament sinn 2 ordinär Professeren an 2 maîtres-assistants spezifesch fir d'Sciences infirmières agestallt. Dozou kommen 4 Gaaschtprofesseren, 11 detachéiert Enseignantë vum LTPS, 47 Vacatairen, 17 Conférencieren a 17 Intervenanten aus dem CHL. Doniewent sinn natierlech och aner Professere vun der Universitéit Lëtzebuerg aus liéierte Gebidder (Biologie, Medezin, Psychologie), esou wéi Doktoranden a Post-Doktoranden um Enseignement bedeelegt.

Viru kuerzer Zäit gouf eng Professur ‚Sage-femme' rekrutéiert. Ausserdeem huet de Conseil de Gouvernance vun der Universitéit a senger Reunioun vum 7. Juni 2024 d'Schafe vun zwou neien Infirmiers-Proffeplazen decidéiert.

Lëtzebuerg, den 13. Juni 2024

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul

(s.) Stéphanie Obertin

18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85206
www.mesr.gouvernement.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu